

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An engem Bäitrag vun der renomméierter Heinrich Böll Stiftung vum 24. Mäerz 2022 stoung ze liesen: *“Bosnien und Herzegowina befindet sich in der schlimmsten Krise seit dem Ende des Krieges. Auf so vielen Ebenen und in so vielen Bereichen. (...) Seit Jahren stehen in Bosnien und Herzegowina demokratische Werte und Prinzipien von innen und außen unter Beschuss, findet hier ein Kampf zwischen Ethnokratie und Demokratie statt.”* (Quell: <https://www.boell.de/de/2022/03/24/es-geht-noch-einen-meter-tiefer-bosnien-und-herzegowina>). Dausende vu Bierger verloosse Woch fir Woch d'Land a Richtung Kroatien, dat heescht a Richtung EU. Sou schreift d'Heinrich Böll Stiftung: *“Allein im zweiten Corona-Jahr 2021 sollen nach Angaben der Union für nachhaltige Rückkehr und Integration in BiH 170 000 Bosnier*innen ihre Heimat verlassen haben.”*

Zugläch huet den Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter zu Stroossbuerg säit 2009 insgesamt 5-mol festgestallt, datt d'Verfassung vu Bosnien-Herzegowina all déi Mënschen diskriminéiere géif, déi net engem vun den dräi ethnesche Gruppen (Bosniaken, Serben a Kroaten) ugehéieren, déi zesumme ronn 96 Prozent vun der Gesamtbevëlkerung ausmaachen, an datt d'Land substantiell Demokratiedefizitter opweise géif. D'EU selwer, där Bosnien-Herzegowina säit 2016 offiziell bäitriede wëll, huet am Oktober 2021 an engem Lännerrapport festgehalen, datt d'Land nach staark Beméiungen ënnerhuele muss, fir de Status als EU-Bäitrittskandidat ze kréien.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Bausseminister:

Wéi beurteilt d'Regierung den Zoustand vun der Demokratie a vum Rechtsstaat a Bosnien-Herzegowina? Wéi positionéiert sech Lëtzebuerg géintwärt der aktueller Regierung? Wéi wierkt d'Lëtzebuerger Regierung op eventuell Entscheedunge säitens der EU an? Geet den Här Minister dervun aus, datt et am Hibréck op déi gravéierend ethnesch a politesch Spannungen am Land nach sënnavoll ass, Bosnien an Herzegowina de Status als EU-Bäitrittskandidat an Aussicht ze stellen?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized 'F' followed by a long, sweeping horizontal line that curves upwards at the end.

Fernand Kartheiser,
Deputéierten